Lëtzebuerger
duerf
fir e chrëschtlecht a sozialt Engagement

Eise Wee mat Gott...

Mir sinn erëm an der Ouschterzäit. Den Ufank vun dëser seegensräicher Zäit befënnt sech an der Karwoch, der wichtegster Woch fir äis Chrëschten. Dëst ass esouwuel an de verschiddene Liturgien, wéi och an den Texter a Gesäng ze erliewen. Och de kierchleche Raum sollt fir dës Zäit op eng besonnesch Aart a Weis dekoréiert ginn. Bei äis zu Lëntgen hate mir folgend Iddie, fir dem Ouschtergedanke méi no ze kommen.

An der Mëtt vun der Kierch ass e klenge Buer aus Steng gebaut, vun deem e Wee bis erop an de Chouerraum bei den Altoer geluecht ass. Dëse Wee stécht voller Symbolik an ass eng Art Synthèse vun der Faaschtenzäit an der Ouschterzäit an hire jeeweilege bibleschen Texter.

Den Ufank vun dësem Wee ass, wéi gesot e Buer aus Steng. D'Steng weisen op déi Momenter an eisem Liewen hin, wou mir a Situatioune geroden, an deene mir niddergedréckt ginn, wéi wann äis Steng um Häerz leien, e Gewiicht, dat äis net méi erlaabt mat opgeriichter Haltung duerch d'Liewen ze goen. Dës Steng stinn awer net einfach esou am Raum, ma se formen e Buer, deen op de Jakobsbuer hiweist. Dir kennt d'Geschicht, wéi de Jesus d'Samariterin beim Buer getraff huet. D'Fra huet am Liewen esou munche Steen ze droen, se huet Suergen an ass bedréckt wéint deem, wat se gemaach huet. A wéi reagéiert de Jesus? Hie steet net do mam moralesche Fanger, Hie veruerteelt d'Fra net, mä Hien hëlt hir d'Laascht vum Häerz an erfëllt dëst Häerz mat Léift, Hoffnung an Zouversiicht. Mir maachen äis also um Ufank vun dësem Wee bewosst, datt jidderee vun äis e Moment erlieft, wou en éischter de Contraire vun deem mécht, wat Gott vun äis erwaard, wou mir e Steen ze schleefen hunn. Virun allem gi mir awer opgeruff de Wee mam Jesus ze goen. Hie veruerteelt äis net, mä Hien encouragéiert äis, e neie Start ze woen, mat Him!

Mir ginn de Wee weider. Et si ganz vill kleng Stoffer a Pällemstraiss, déi mir entdecken. Et ass Pällemsonndeg, un dee geduecht gëtt, dee Moment wou de Jesus a Jerusalem anzitt. Wéi e Kinnik gëtt Hien empfaang, d'Leit leeën hir Mäntel op d'Strooss... an et dauert net laang, dann héiere mir: Un d'Kräiz mat Him! Mir erliewen dëse

Moment a gi mam Jesus weider. No Pällemsonndeg ass et de Gréngendonneschdeg dee mir feieren. Déi dräi Helleg Deeg, dat heescht Gréngdonneschdeg, Karfreideg an d'Feier vun der Ouschternuecht sinn eng Unitéit, eng eenzeg Liturgie.

Op Gréngendonneschdeg feiere mir d'Asetzung vun der Eucharistie. De Jesus schenkt Sech selwer. Et ass net nëmmen eng Erënnerung, ma all Mass ass en neit Erliewe vun deem Moment, wou Hie fir déi leschte Kéier mat senge Jünger zesummesouz. An all Mass kréie mir de Jesus geschenkt, am Brout an am Wäin. Et ass déi 100% Léift, déi mir an der Eucharistie duergereecht kréien – Gott selwer. Wa mir also op eisem Wee an der Lëntgener Kierch weiderginn an Hiweiser op Gréngendonneschdeg fannen, da fir ze weisen, datt d'Eucharistie liewesnoutwenneg fir äis ass, well et ass eben déi Léift, déi äis déi néideg Kraaft gëtt, fir trotz alle Schwieregkeeten, eise Wee ze goen.

De Karfreideg ass op dësem Liewenswee natierlech duerch e Kräiz verdäitlecht. Duerch d'Leiden an duerch Säi Stierwen huet de Jesus d'Mauer, déi de Mënsch vu Gott trennt fir ëmmer zerstéiert. Näischt kann äis méi vum Härgott ewechhalen. Esouguer den Dout ass keen Obstakel méi. Den Dout selwer ass dout!

An der Ouschternuecht feiere mir ebe genau dee Moment: Liicht kënnt an eis Däischtert, eist Häerz gëtt erfëllt vu Gebuergenheet an Hoffnung. Et ass den operstanene Jesus, deen duerch d'Ouschterkäerz symboliséiert gëtt. Vill kleng Liichtercher an eben Ouschterkäerz fannen eng wichteg Plaz op eisem Wee.

Alles wat mir sinn, wat mir hunn, wat äis definéiert, dat wat gutt a manner gutt leeft, alles kënne mir, jo solle mir Gott uvertrauen. Duerch Seng Passioun huet Hien äis gerett. Säi Liicht léisst äis opblécken an Orientéierung fannen. Duerch d'Eucharistie mécht Gott Sech ganz kleng fir datt mir ganz grouss ginn an esou eise Liewenswee maache kënnen. Ech wënschen Iech all eng geseenten Ouschterzäit an d'Erfarung, datt Gott Iech zu all Sekonn vun Ärem Liewe begleet!

Abbé Romain Richer

Jongbaueren a Jongwënzer/Landjugend 5, avenue Marie-Thérèse, L-2132 LUXEMBOURG
www.jongbaueren.lu – Tél. 44743-252 – Fax: 44743-563 – E-mail: landjugend@pt.lu
CCPLLULL: LU12 1111 0040 0831 0000 – Jorescotisatioun: 14€

4/2014
April

Lëtzebuerger Landjugend a.s.b.l. Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer a.s.b.l.

Jonk Leit vum Land hunn hir Zukunft an der Hand

Si droen d'Verbandsaarbecht am Joer 2014

Nationalpresidentin LLJ a.s.b.l.: SIEBENALLER Kim, Huldange
Nationalpresident LJB&JW a.s.b.l.: BOONEN Jeff, Schweich
Nationalpresident LLJ – JB&JW a.s.b.l.: HARPES Remy, Rippweiler

E Bléck op en Deel vum Virstandsdësch op de Generalversammlunge vun eisen Associatiounen, déi e Freideg, de 4. Abrëll 2014 am Festsall vum LTA zu Ettelbréck ofgehale goufen. V.l.n.r.: Jeff Boonen, LJB&JW-President, Katharina David, Landwirtschaftsberoderin, Kim Siebenaller, LLJ-Presidentin, Fränz Schlechter, LJB&JW-Vizepresident, Charel Etringer, LLJ-Vizepresident

1. Deel

Lëtzebuerger Landjugend
Jongbaueren a Jongwënzer
CLIÄRREF a.s.b.l.

President:	**SCHLECHTER Fränz,** *Reuler*
Vizepresident:	SCHRANTZ Luc, *Eselborn*
Sekretär:	FISCHBACH Jos, *Enscherange*
Keessier:	SIEBENALLER Kim, *Huldange*

Memberen:
BRAQUET Fernand, *Munshausen*
KRETTELS Claude, *Boxhorn*
LIPPERTS Stéphane, *Knaphoscheid*
REIFF Véronique, *Leithum*
SCHROEDER Sarah, *Lieler*
TURMES Ronny, *Eselborn*

NC – LJB&JW:
FISCHBACH Jos, *Enscherange*
SCHLECHTER Fränz, *Reuler*
SIEBENALLER Kim, *Huldange*

NC – LLJ:
SCHLECHTER Fränz, *Reuler*
SCHRANTZ Luc, *Eselborn*
SIEBENALLER Kim, *Huldange*

1. Keesserevisor:	JACOBS Lynn, *Doennange*
2. Keesserevisor:	MORN Sandra, *Hautbellain*

Vertrieder ONG-D:
SCHLECHTER Fränz, *Reuler*
SIEBENALLER Kim, *Huldange*

Lëtzebuerger Landjugend
Jongbaueren a Jongwënzer
DIKKRICH a.s.b.l.

President:	**POULL Pierre,** *Bourscheid*
Vizepresident:	HIRT Rick, *Warken*
Sekretär:	LUX Jeanne, *Erpeldange*
Keessier:	TETZLAFF Nils, *Nocher*

Memberen:
ANGELSBERG Bob, *Lellingen*
MAJERUS Christophe, *Christnach*
MERSCH Max, *Buschrodt*

NC – LJB&JW:
ANGELSBERG Bob, *Lellingen*
HIRT Rick, *Warken*
LUX Jeanne, *Erpeldange*
MERSCH Max, *Buschrodt*
POULL Pierre, *Bourscheid*

NC – LLJ:
HIRT Rick, *Warken*
LUX Jeanne, *Erpeldange*
MAJERUS Christophe, *Christnach*
POULL Pierre, *Bourscheid*
TETZLAFF Nils, *Nocher*

1. Keesserevisor:	LUDIVIG Tom, *Bourscheid*
2. Keesserevisor:	SALENTINY Tom, *Welscheid*

Vertrieder ONG-D:
LUX Jeanne, *Erpeldange*
POULL Pierre, *Bourscheid*

Lëtzebuerger Landjugend
Jongbaueren a Jongwënzer
FUREN a.s.b.l.

President:	**COENJAERTS Patrick,** *Fouhren*
Vizepresident:	BERLO Jeanne, *Fouhren*
Sekretär:	THINNES Carine, *Eppeldorf*
Keessier:	THINNES Michelle, *Pratz*

Memberen:
GILS Anne, *Pintsch*
KESSELER Christophe, *Eppeldorf*
WILWERT Ted, *Bettel*

NC – LJB&JW:
COENJAERTS Patrick, *Fouhren*
KESSELER Christophe, *Eppeldorf*

NC – LLJ:
BERLO Jeanne, *Fouhren*
COENJAERTS Patrick, *Fouhren*
THINNES Michelle, *Pratz*

1. Keesserevisor:	MOUSEL Sylvie, *Eppeldorf*
2. Keesserevisor:	BRAUN Marc, *Pintsch*

Vertrieder ONG-D:
COENJAERTS Patrick, *Fouhren*

Lëtzebuerger Landjugend
Jongbaueren a Jongwënzer
MAACHER a.s.b.l.

President:	ETRINGER Charel, *Wecker*
Vizepresident:	MANGEN Jean-Marc, *Flaxweiler*
1. Sekretär:	KRISCHLER Tanja, *Steinheim*
2. Sekretär:	SCHILTZ Tessy, *Bigelbach*
Keessier:	SCHILTZ Laurent, *Rosport*

Memberen:
CLEMENS Georges, *Lellig*
DENTER Maxime, *Echternach*
SCHILTZ Martine, *Steinheim*
STRONCK Anne, *Rosport*

NC – LJB&JW:
CLEMENS Georges, *Lellig*
ETRINGER Charel, *Wecker*
MANGEN Jean-Marc, *Flaxweiler*
SCHILTZ Tessy, *Bigelbach*

NC – LLJ:
CLEMENS Georges, *Lellig*
ETRINGER Charel, *Wecker*
MANGEN Jean-Marc, *Flaxweiler*
SCHILTZ Tessy, *Bigelbach*

1. Keesserevisor:	GIRST Aly, *Rosport*
2. Keesserevisor:	STRONCK Oliver, *Rosport*

Vertrieder ONG-D:
ETRINGER Charel, *Wecker*
KRISCHLER Tanja, *Steinheim*
SCHILTZ Tessy, *Bigelbach*

Fortsetzung am nächsten Duerf

Wëllkomm Lëtzebuerger Landjugend an der Gemeng Parc Housen



Housen ass prett, fir d'Jugend aus dem Land um 40. Landjugenddag ze begréissen

Als Buergermeeschter vun der Gemeng Parc Housen ass et fir mech eng Freed, d'Participanten vum 40. Landjugenddag, den 29. Mee zu Housen am Kulturzentrum begréissen ze kënnen.

Den Organisator vun dësem Dag, d'Landjugend Furen a.s.b.l., ass e klenge Grupp, voller Motivatioun an Engagement, deen ëmmer bereet ass, eng Hand mat unzepaken. Dat beweisen déi vill benevol Aarbechten, déi si op lokalem an op nationalem Plang geleescht hunn a weider leeschte wäerten.

Bei eis an der Gemeng waren si schonn aktiv: Ech erënneren un den 28. Mee 1992 am Wëldpark Housen an un d'Opriichte vun engem Grillchalet zu Duerscht am Joer 2012.

Aus allen Ecke vum Land komme Jugendlecher, Jongbaueren a Jongwënzer, fir un hirem Rallye pédestre deelzehuelen. Bei där Geleeënheet kann een nei Bekanntschafte maachen a sech dobäi gläichzäiteg gutt amuséieren, an och déi schéi Landschaft an a ronderëm den Naturpark Our genéissen.

Ofschléissend wëll ech bei dëser Geleeënheet dem ganze Comité an alle fläissege Mataarbechter vun dëser Manifestatioun, déi mat ganz vill Aarbecht verbonnen ass, e grousse Merci soen.

Der 40. Editioun vum Landjugenddag, organiséiert vun der Landjugend Furen a.s.b.l., wënschen ech als Buergermeeschter an am Numm vum Schäffen- a Gemengerot e ganz groussen Erfolleg, an all Guddes bei hire weideren Aktivitéiten.

Alle Visiteuren e flotten Amusement, an datt si d'Gemeng Parc Housen a gudder Erënnerung behalen.

Jacquot Heinen
Buergermeeschter
vun der Gemeng Parc Housen

De Landjugenddag feiert säi 40. Gebuertsdag zu Housen

De regionale Landjugendgrupp Furen huet sech der Erausfuerderung gestallt, fir datt och déi 40. Editioun vum beléiften Treffe vun der Jugend vum Land e Succès gëtt.

De Landjugendgrupp Furen mat hirem President Patrick Coenjaerts (hënnescht Rei, 3. v.l.)

Ugefangen huet alles am Joer 1975, wou den éischte Landjugenddag zu Ëlwen organiséiert gouf. An der Tëschenzäit huet sech dësen Dag zu enger fester Manifestatioun am Aktivitéitskalenner vun der Lëtzebuerger Landjugend a.s.b.l. a vu ville Jugendveräiner entwéckelt. Den 29. Mee 2014 kënne mir déi 40. Editioun feieren. Mir vun der Furener Landjugend hunn äis gäre bereet erkläert, fir d'Organisatioun dovun ze iwwerhuelen an äis op en Neits der Erausfuerderung ze stellen. Mat vill Freed, Ausdauer an Teamwork huet eise Grupp un de Preparatioune vun deem groussen Dag geschafft. Ech wëll bei dëser Geleeënheet ervirsträichen, datt mir vun deenen Zoustännegen aus der Gemeng Parc Housen mat oppenen Äerm empfaange goufen. Dem Här Buergermeeschter an dem Schäffen- a Gemengerot wëlle mir deemno eise grousse Merci fir hir Ënnerstëtzung ausspriechen.

„2.0" ass d'Thema vun dësem Joer a soll an éischter Linn drop hiweisen, datt et no 1992, déi zweeten Editioun ass, wou de Landjugenddag zu Housen organiséiert gëtt. 2.0 steet awer och fir de Generatiounswiessel, dee mir äis mat Hëllef vun dësem Dag erhoffen an esou dem Nowuesproblem an eisem Grupp entgéintwierke kënnen.

E Landjugendgrupp, dee weist, wat an em stécht

Mir loossen äis trotzdeem net esou einfach ënnerkréien an hale weiderhin un eisen traditionellen Aktivitéiten op regionaler a nationaler Basis fest. Esou stellen sech eemol am Joer d'Kënschtler ënnert äis op d'Theaterbühn zu Branebuerg a beweisen do hiert Talent. Bei de Landjugend-Power-Aktioune si mir och ëmmer nees derbäi an hu schonn e puer Mol gewisen, wat an äis stécht. Bäi dëse benevolen Aktioune geet et drëm, fir a 36 Stonnen eng Aarbecht am Déngscht vun der Allgemengheet ze realiséieren, déi déi eenzel Gemengen dem jeeweilege Landjugendgrupp proposéieren. Sou hu mir zum Beispill am Joer 2012 zu Duerscht nieft dem Duerflokal eng iwwerdeckte Grillplaz opgeriicht.

Doniewent bidde mir eise Memberen awer och nach eng Hellewull vun anere Fräizäitméiglechkeeten un, déi mir oft spontan organiséieren, wéi Karting fueren, Keele spillen, Theater kucken, Touren am In- an Ausland,...

Et bleift mir elo just nach ze soen, datt mir äis den **29. Mee 2014** dann hoffentlech zu Housen gesinn. Mat vill Spaass, Kraaft an Nodenken, kommt Dir da sécher op eisem 40. Landjugenddag un Äert Zil.

Patrick Coenjaerts
President

D'Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer Furen a.s.b.l. invitéiert ganz häerzlech op de

40. Landjugenddag zu Housen

op Christi Himmelfahrt, en Donneschdeg, den 29. Mee 2014

Thema: 2.0

Programm:

10:00 Auer	**Jugendmass mat dem Här Äerzbëschof Jean-Claude Hollerich beim Kierfecht zu Housen (bei Reen an der Kierch)**
11:00 Auer	**Éierewäin, ugebuede vun der Gemeng Parc Housen**
12:00 Auer	**Mëttegiessen am Centre Culturel zu Housen**
	Startschoss vum Rallye pédestre (den Tour vum Rallye ass mat der Kannerkutsch befuerbar)
Nomëttes	**Kaffisstuff, Kanneranimatioun, Ausstellung vum Molconcours**
15:30 Auer	**Concert vun der Housener Musek**
19:00 Auer	**Concert mat Fade to Gray**
21:00 Auer	**Dekanatsspill**
22:00 Auer	**Präisverdeelung an der Hal**
	Ofschlossbal mam DJ Paul on Tour

Generalversammlung 2014 des Weltbauernverbandes in Buenos Aires

Seit Dezember 2013 ist der Verband der „Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer" LJB&W assoziiertes Mitglied des Weltbauernverbandes (WFO). Die diesjährige Generalversammlung wurde vom 25. bis 29. März in der argentinischen Hauptstadt Buenos Aires abgehalten. Die LJB&JW waren durch Laurent Frantz vertreten. Zurzeit gehören rund 100 landwirtschaftliche Organisationen aus 80 verschiedenen Ländern zu den Mitgliedern des Weltbauernverbandes.

Peter Kendall neuer WFO-Präsident

Die von der *Sociedad Rural Argentina* (SRA) organisierte Generalversammlung begann mit einer kulturellen Einführung. Mit traditionellen Tänzen, mit Musik und einer Einlage mit Pferden wurden die internationalen Besucher herzlich in Buenos Aires empfangen. Es folgten die Begrüßungsreden von Luis Miguel Etchevehere (SRA-Präsident), dem Bürgermeister von Buenos Aires Mauricio Macri, dem UN-Botschafter für bäuerliche Landwirtschaft Gerd Sonnleitner sowie weiteren Persönlichkeiten. Mit der Begrüßungsrede des scheidenden WFO-Präsidenten Robert Carlson endete die Eröffnungszeremonie.

Robert Carlson hat nach drei erfolgreichen Jahren - am Tage seines 67. Geburtstages - das Amt niedergelegt. Der Brite Peter Kendall wurde zum neuen Vorsitzenden des Weltbauernverbandes gewählt. Ihm steht Evelyn Nguleka aus Sambia als Vizepräsidentin zur Seite. Der neue Präsident bewirtschaftet einen Ackerbaubetrieb in der Nähe von Cambridge. In seiner Antrittsrede versprach er sich dafür einzusetzen, dass die WFO weiter wächst und eine starke Stimme für die Landwirte darstellt.

Neben den obligatorischen Punkten einer Generalversammlung, wurden Rundtischgespräche zu den folgenden Themen geführt: Lebensmittelsicherheit, Wertschöpfungskette, Innovation, Klimawandel, Frauen und Jugend. Während des Rundtischgespräches zum Thema Innovation fiel die Aussage, dass sich die GMO-Technik in den letzten 10 Jahren zum weltweiten Standard etabliert hätte. Dies sorgte für Diskussionen unter den europäischen Vertretern.

Der neue WFO-Präsident Peter Kendall bei seiner Antrittsrede

Rundtischgespräche zum Thema Jugend

In der Funktion des Vertreters einer Jungbauernorganisation war das Rundtischgespräch zum Thema Jugend für den Autor dieses Artikels von besonderem Interesse. Jeweils ein Vertreter eines Kontinentes beteiligte sich an den Diskussionen. Luis Miguel Etchevehere, Vorsitzender der *Sociedad Rural Argentina*, unterstrich in seiner Einführung, dass Junglandwirte die Zukunft der WFO sind und alles dafür getan werden müsse, damit junge Menschen den Beruf erlernen und in diesem Berufsfeld tätig werden. Die Grundlage stelle eine gute Ausbildung sowie der Zugang zu Land, Krediten und Märkten dar. Der Vortrag von Georgie Aley, Vorsitzende von Future Farmers Network (FFN) aus Australien stand unter dem Motto: *„With passion, the future looks bright"*. Junglandwirte in Australien hätten eine gute Ausbildung, würden sich auf den Betriebserfolg konzentrieren, seien optimistisch und würden sich untereinander vernetzen.

Der Beitrag von Hidetoshi Yamashita, JA-Youth-Präsident aus Japan, widmete sich der Organisation und den Aktivitäten der japanischen Junglandwirte. In der JA sind 60.000 Junglandwirte zusammengeschlossen, die sich für Folgendes einsetzen: Beiträge zu lokalen gesellschaftlichen Themen, Mitwirkung bei der Gestaltung der politischen Zielsetzung der Landwirtschaft, Teilnahme am JA-Management, Engagement in der Ausbildung von Führungskräften, Ausbildung der nächsten Generation.

Denis Kabiito aus Uganda sprach über die Möglichkeit in die Zukunft der Landwirtschaft zu investieren. Landwirtschaft sei für die Jugend in Uganda aufgrund der Betriebsstrukturen uninteressant, so dass sie im Hinblick auf bessere Jobs in die Stadt abwandert. Die Arbeit in der Landwirtschaft würde als körperliche Bestrafung angesehen.

Der Finne Juha Tenho ging seinerseits auf die Situation in seinem Heimatland ein. Hier betrage das Durchschnittsalter der Landwirte 50,6 Jahre und nur 8,6 % seien unter 35. 2014 sei bei der finnischen Organisation MTK zum Jahr der Junglandwirte ausgerufen worden. Die Fokussierung auf die Jugend war Bestandteil des im Februar in Finnland organisierten CEJA-Seminars.

Nach dem Abschluss des offiziellen Programmes organisierte die argentinische Junglandwirte-Organisation *Ateneo* spontan ein Barbecue, das den Junglandwirten

Laurent Frantz (Bildmitte), Vertreter der LJB&JW mit Pieter Verhelst (l.i.B.), Vertreter des Boerenbond aus Flandern, und Nikolaus Morawitz von der Landwirtschaftskammer aus Österreich

Der scheidende WFO-Präsident Robert Carlson (l.v.l.) mit einem Teil der Jungbauernvertreter

die Möglichkeit bot sich weiter auszutauschen.

Betriebsbesichtigungen

Im Anschluss an die Konferenz waren Betriebsbesichtigungen für die Teilnehmer vorgesehen. Die erste Visite führte uns zum Betrieb *Cabaña Charles de Guerrero*. Hier wurden 1879 die ersten Angus Rinder aus England nach Argentinien importiert. Heute ist die Angus-Rasse die meist verbreitete Rinderrasse auf dem ganzen südamerikanischen Kontinent. Der Betrieb betreibt auch heute noch weiterhin erfolgreiche Angus-Zucht. Die Zucht und der Verkauf von Deckbullen stellen einen Großteil des Geschäftes dar. Zur besseren Vermarktung der Tiere, organisiert die Familie jedes Jahr einen Hoftag, um die besten Tiere einem breiten Publikum vorzustellen. Auf ca. der Hälfte der 1.600 Ha, die zum Betrieb gehören, wird Ackerbau betrieben. Es werden Soja, Mais, Weizen und Sorghum angebaut. Das Klima erlaubt - je nach Fruchtfolge - zwei Ernten im Jahr.

Anschließend führte man uns zur Besamungsstation *La Elise-Ciale*. Die Besamungsstation gehört zur weltweit agierenden *Alta* Gruppe. 2013 wurden über 1 Million Portionen Sperma von den überwiegenden Fleischrassen Angus, Herford und Brahman, jedoch auch von den Kreuzungsrassen Brafort (Brahman x Herford) und Brangus (Brahman x Angus) verkauft. Auch einige Holsteinbullen stehen auf der Station. Uns wurden einige Prachtbullen von jeder Rasse vorgeführt.

An die Besamungsstation ist ein landwirtschaftlicher Betrieb mit Milchviehherde und Ackerbau angegliedert. Die Milchviehherde besteht aus 970 Holsteinkühen mit der weiblichen Nachzucht. Sämtliche Tiere sind absolute Spitzentiere. Die Tiere sind das ganze Jahr über auf der Weide. Im Melkstand wird Kraftfutter hinzugefüttert. Im letzten

Ein interessiertes Publikum bei der Bullenvorstellung auf der Besamungsstation „La Elise-Ciale"

Jahr wurden auf dem Betrieb 8.173.000 kg (3,45% Fett – 3,19% Eiweiß) Milch gemolken. Dies stellt für die reine Weidehaltung eine absolute Spitzenleistung dar. Im Ackerbau werden die gleichen Kulturen angebaut wie bei dem ersten von uns besichtigten Betrieb. Es bleibt zu erwähnen, dass beide Betriebe komplett ohne Bodenbearbeitung im Ackerbau arbeiten. Bei dem sogenannten *No Till*-Verfahren wird das Saatgut mit einer Scheibensämaschine direkt in die unbearbeitete Erde gelegt. Es wird nur einmal mit einem Unkrautbekämpfungsmittel gespritzt und je nach Bedarf gedüngt.

Auf dem letzten Betrieb, den der Autor dieses Artikels besuchen konnte, werden - nach amerikanischem Muster - 10.000 Tiere auf einer Fläche von 10 Hektar gemästet. Der Betriebsleiter von *Feed Lot El Trébol* kauft die Absetzer (weibliche und Ochsen) um sie während 3 Monaten zu mästen. Sie erhalten eine spezielle Fütterung, die aus Maissilage, Mais, Sorghum, Sojabohnen und anderem Getreide, besteht. Die Gewichtszunahme der Tiere beträgt im Schnitt 1.200 gr pro Tag. Mit einem Lebendgewicht von 280 bis 320 kg werden die Tiere dann geschlachtet. Die Tiere mit diesem Schlachtgewicht sind für den lokalen Markt bestimmt. Exporttiere müssen schwerer sein.

Alle Landwirte, die wir besuchten, beschwerten sich über die aktuelle Politik in Argentinien. Das Land steckt in einer tiefen Wirtschaftskrise und die Staatskassen sind leer. Dieses Jahr wird mit einer Inflation von über 30 Prozent gerechnet. 60 % der argentinischen Exporte sind Agrarexporte. Um einen Teil der leeren Staatskassen zu füllen, werden hohe Exportsteuern erhoben. Für Soja belaufen diese sich auf 35 %, für Mais auf 25 %, für Weizen und Fleisch auf 20 %. Die Landwirte klagen, dass sie wegen diesen Steuern nur geringe Gewinne erzielen. Infolge dieser Umstände ist die Agrarproduktion Argentiniens in den letzten Jahren rückläufig, obwohl das Land über ein riesiges Potential verfügt.

Laurent Frantz
LJB&JW–Vertreter bei der WFO

Vorführung von zwei Prachttieren des Betriebes „Cabaña Charles de Guerrero"

Dem Poopst seng Schung...

Wann eise Bëschof äis zu engem Glawensjoer alued, dat iwwerschriwwen ass mat „Sech zu Christus bekéieren", dann ass dat en déiwe spirituellen an existenzielle Moment fir äis all. Mir maachen äis erëm bewosst, wat den Zentrum ass, wat eisen Optrag ass a wéi mir als authentesch Chrëschten, Glawenszeie kënne sinn. Well just wa mir versichen – ech betoune versichen, well mir kënnen ëmmer erëm op de Buedem falen – wa mir versichen d'Evangelium esou ze liewen, wéi et do steet, dann huelen d'Mënschen äis

dëse Message och of. Mir musse versiche, Zeechen ze setzen, Zeechen, déi eis Gesellschaft versteet an déi weisen, datt mir dëser Gesellschaft dénge wëllen, esou wéi et jo eise chrëschtlechen Optrag verlaangt.

Léif Leit, sidd mir net béiss, iwwer dat wat ech elo schreiwen. Mee et ass esouwuel theologesch, wéi och spirituell gesinn, esou laang eréi breet wat fir eng Schung de Poopst unhuet. Wichteg ass et, datt hien deene Mënschen d'Hand reecht, déi aarm sinn – materiell an/oder spirituell – an datt hien d'Evangelium virlieft! An dat ass och bei äis esou. Wat fir eng Zeeche vu Gottes- a Nächsteléift kann ech perséinlech setzen? Eng Fro, déi äis ëmmer begleede soll...

Abbé Romain Richer

Spirituell Wanderung...

Zur Rou kommen, raschten, Energie tanken... mee wou? Bei Gott! A wéi? Ganz einfach: Fest Schung an dem Wieder entspriechent Kleeder undoen, e Picknick apaken a sech opmaache fir duerch d'Natur spadséieren ze goen. Mäin eenzege Begleeder: Gott! Ech liese viru mengem Depart e Bibeltext, deen ech den Dag virdrun erausgesicht hunn a kucke wat fir ee Wuert, wat fir ee Saz mech usprécht a versichen dëst Wuert/ dëse Saz souzesoen zu mengem spirituelle Picknick ze maachen. Spadséieren an iwwert dem Härgott Säi Message nodenken... ouni Stress an an der Gewëssheet, datt Hie mat mir op mengem Wee ass. Dësen Ausfluch kann emol méi laang, emol méi kuerz daueren, ma wann ech et regelméisseg maachen, dann ass eng Saach sécher: meng Relatioun mat Gott gëtt gefestegt an ech erliewen, wéi ech ëmmer méi geloossen, roueg an zouversiichtlech duerch d'Liewe ginn...

Abbé Romain Richer

D'Kathoulesch Aktioun vum „Duerf" op der Schlusspréssessioun vun der Oktav 2014

D'Schlusspréssessioun vun der Oktav ass

e Sonndeg, de 25. Mee 2014

D'Memberen vun der **Kathoulescher Aktioun vum Duerf**, de **Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer** an der **Lëtzebuerger Landjugend** gi sech um **15:00 Auer** Rendezvous op der **Place Clairefontaine** beim Monument vun der Groussherzogin Charlotte.

D'Pilger kënne sech och an der rue Notre-Dame hannert dem Fändel vun der *Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer* uschléissen.

Impressum

Herausgabe:

ACML
5, avenue Marie-Thérèse
L-2132 LUXEMBOURG

Verantwortung:

Aktioun:

Fernand Huberty	*44743-251*
Jean-Paul Schneider	*44743-251*

Duerf:

Romain Richer	*44 743-562*
Franz Glodt	*44 743-252*

Druck:

Saint-Paul Luxembourg

Erscheinungsdatum:

zehn mal jährlich